Schëfflenger Jugendhaus

# Joresrapport

**Oktober 2016 - Oktober 2017**

mäin ZUKUNFTSDIPLOM

# 1. Inhaltsverzeichnis

**2. D'SCHËFFLENGER JUGENDHAUS 3**

A.S.B.L 3
TEAM 3
BENEVOLATER/ SVO / STAGIAIREN 4
ZILGRUPP 4
OUVERTURESZÄITEN VUM JUGENDHAUS (ACCEUIL) 4
ËFFENTLECHKEETSAARBESCHT 4

**3. PROJETEN AN AKTIVITÉITEN 5**

DAGESPROJETEN 6
KURZZÄITPROJETEN 6
DAUERAKTIVITÉITEN / LANGZÄITPROJETEN 14
VAKANZENAKTIVITÉITEN 2017 18
ZUKÜNFTEG PROJETEN 19

**4. UNHANG 20**

MEMBEREN 20
VISITEUREN 20
AKTIVITÉITEN 21

D' **Schëfflenger Jugendhaus** baut op den Bedierfnisser an den Interessen vun de Jugendlechen op. Dofir ass et all Mataarbechter besonnesch wichteg déi ze Erkennen an déi Jugendlech bei hirem Entwécklungsprozess ze begleeden a Motivéieren. Duerch géigesäiteg Wäertschätzung a Respekt kréien déi Jugendlech Méiglechkeet sech aktiv un de Projeten an Aktivitéiten ze bedeelegen a mat ze gestalten. Doduerch kënne Sie wäertvoll Erfarungen sammelen an nei Kompetenzen gewannen, déi hinnen am Liewen vun Notzen sinn. Gläichzäiteg sollen hir individuell Fäegkeeten gestäerkt ginn. Vill Jugendlecher weise verstoppten Potential op, dat et ze erkenne gëllt fir déi Jugendlech besser begleeden ze kënnen an hirem perséinleche Ziel méi no ze brengen.

Ee wichtege Punkt vun eiser Bildungsariichtung ass et dowéinst deene Jugendlechen een gutt Beispill ze sinn an hinnen mat enger optimistescher Astellung ze begéinen. Frëndlechkeet, Respekt, Empathie an Authentizitéit spillen dobäi eng zentral Roll.

Domat eng Struktur wéi Schëfflenger Jugendhaus no deem Konzept funktionéiere kann, mussen déi Jugendlech sech un definéiert Ëmgangsreegelen halen. Déi goufen zesummen mat hinne festgeluecht. Dës Reegelen sollen zu engem respektvollen Ëmgang am Jugendhaus bäidroen.

## 2. D'Schëfflenger Jugendhaus

### A.s.b.l

| | |
|---|---|
| Präsidentin: | Enesa Agovic |
| Vize-Präsident: | Rizo Agovic |
| Sekretärin: | Schmitt Marie-Jeanne |
| Schatzmeeschter: | Jamini Semir |

Memberen*:*

Alain Paluce — Feiereisen Carlo
Bertrang Chesea — Steichen Guy
Braquet Jean-Paul (décédé le 25.10.17) — Paul Matzet
Aldin Civovic

### Team

| | |
|---|---|
| Colignon Sarah: | Jugendarbechterin (Erzéierin an Ausbildung, säit 2014) |
| Rebscher Arno: | Jugnedarbechter (Erzéier, bis 2017) |
| Smith-Boes Janine: | Jugendarbechterin (Erzéierin, säit 2012) |
| Steimenz Anne: | Jugendarbechterin (Erzéierin, säit 2017) |
| Welter Jacques: | Jugendarbechter (Koordinator, säit 2004) |

*Formatiounen*

| | |
|---|---|
| Team:<br>Welter Jacques:<br>Smith-Boes Janine:<br>Colignon Sarah:<br>Steimenz Anne: | Solar-Training: Kuerzworkshop vun Greenpeace (20.06.17,9h-17h30) |

## Benevolater/ SVO / Stagiairen

| *Numm, Virnumm* | *Beschäftegung* | *Lafzäit* |
|---|---|---|
| Eiffes Jil | Stage | 15.09.16 - 15.11.16 |
| Fernandes Dos Santos Joel | Stage | 05.12.16 - 23.12.16 |
| | | 02.05.17 - 16.06.17 |
| Gangolf Joel | SVO | 15.05.17 - 14.08.17 |
| Schneider Lisa | Stage | 19.01.17 - 09.02.17 |
| Veliqi Arlind | Stage | 24.04.17 - 28.04.17 |
| Winkel Selina | Stage | 24.04.17 - 28.04.17 |

## Zilgrupp

Den Alter vun den Jugendlechen, déi mir an eiser Struktur betreie, läit zwëschen 12 an 26 Joer.Déi Jonk, déi bei eis an Jugendhaus kommen an un den Aktivitéiten deelhuele kommen aus ënnerschiddleche Kulturen. Dat erméiglecht ënnereneen aner Traditiounen, Wäerter an Traditiounen kennen ze léieren, esou wéi Gemeinsamkeeten auszetauschen.
Mir probéieren deene Jugendlechen eng positiv Struktur unzebidden, woubäi mir leider och ëmmer rem op Widderstand a feelend Motivatioun stoussen fir un verschidde Projeten deelzehuele. Ziel ass et dowéinst, och déi Jugendlech, déi soss just den oppenen Beräich am JH notzen, fir aner Aktivitéiten ze begeeschteren.

## Ouvertureszäiten vum Jugendhaus (Acceuil)

| | |
|---|---|
| Sonndes/Méindes | Zou |
| Dënschden | 15h-20h |
| Mëttwoch | 16h-20h |
| Donneschden | 15h-20h |
| Freiden | 18h-22h |
| Samschden | 15h-20h |

## Ëffentlechkeetsaarbescht

Als Informatiounsquell notzt Jugendhaus déi offiziell Homepage www.schefflenger-jugendhaus.lu grad ewéi Facebook. Iwwert béid Säiten fannen déi Jugendlech Informatiounen zu Aktivitéiten, aktuell Projeten, Fotoen, Videoen a villes Méi.

Logbuch (Projet 2013) op der Homepage gëtt genotzt fir wichteg Ereegnesser ënnert den Mataarbechter auszetauschen an Informatiounen déi Jugendhaus betreffen ze sammelen.
Als Jugendhaus huele mir un enger Rei Initiativen an eiser Gemeng deel: Schoulfester, Gesondheetsdeeg, Vakanzenaktivitéiten, Niklosmaart asw., an probéieren iwwert dësen Wee aktiv an der Gemeng matzewierken an d'Bild vum Jugendhaus weider ze verbesseren.

*Jugendversammlungen*

All éischte Freiden am Mount fënnt eng Jugendversammlung statt. Hei hunn déi Jugendlech d'Méiglechkeet nei Iddien ze presentéieren, Aktivitéiten ze proposéieren an aktiv un der Gestaltung vum Oflaf deelzehuelen. Gläichzäiteg ass een op fir konstruktiv Verbesserungsvirschléi a Kritik fir een bessert Mateneen am Jugendhaus.

# 3. Projeten an Aktivitéiten

Projeten an Aktivitéiten déi organiséiert ginn loossen sech sichtlech dem themateschen Schwéierpunkt an dem zäitlech Ëmfang ënnerscheeden. Et ginn souwuel Aktivitéiten ugebueden déi just vu kuerzer Dauer sinn grad ewéi Projeten déi iwwert méi Wochen ëmgesat ginn. Fir méiglechst vill Jugendlecher unzespriechen an fir eis Projeten ze motivéieren as Auswiel breet gefächert. Folgend Tabell gëtt een Iwwerbléck vun méiglechen Themen an Handlungsfelder enger Aktivitéit:

| |
|---|
| Emotiounen, Sozial Bezéiungen |
| Wäerterorientéirung, Demokratie, Participatioun |
| Sprooch, Kommunikatioun, Medien |
| Kreativitéit, Konscht, Kultur |
| Kierperbewosstsinn, Beweegung, Gesondheet |
| Ëmwelt, Naturwëssenschaften, Technik |

Vill vun eisen Projete stinn a Verbannung mat der Erliefnispädogik, déi et deene Jugendlechen erméiglecht duerch Naturerfarungen hir Perséinlechkeet ze entwéckelen an hir sozial Kompetenzen auszedehnen.
Um Modell: „Die Natur ist die beste Lehrmeisterin" (Thoreau) oder „The Mountain speaks for itself" (Outward Bound) orientéiert, wëlle mir deene Jonke onkeeflech Erliefnisser ubidden. Den Transfert vun Erfarungen aus erliefnispädagogeschen Moossnamen op den Alldag vun de Jugendleche ass dobäi een wichtegen Faktor.

Säit der Aféierung vum Zukunftsdiplom leeën mir och vill Wäert dorop, datt Participanten während de Projeten un dënn jeeweilegen Kompetenzen schaffe kënnen déi doran enthale sinn.

An Zesummenaarbecht mat aneren Organisatiounen sinn vill flott Initiativen entstanen.

Uschléissend ginn déi eenzel Projeten an Aktivitéiten kuerz virgestallt déi 2016/2017 ëmgesat goufen.

## Dagesprojeten[CS1]

- **Chrëschtbeemchen rëschten**

Zesumme mat de Jonke si mer e Chrëschtbeemchen kafe gaangen an hun dee gerëscht. Deels mat Material dat mer kaaft hunn an deels mat Material dat mer am Kader vun eisem Upcycling Projet gebastelt hunn**.**

- **Chrëschtmaart zu Schëffleng**

Och dëst Joer hu mir zesumme mat de Jonken um Niklosmaart deelgeholl. Do hu mir eis Hütt mat Upcyclingsaache dekoréiert, eis Projet' en virgestallt, virun allen den Zukunftsdiplom, a verschidde Saachen verkaaft (Gauffre, an Gedrénks).

- **Porte Ouverte**

Mir hunn op der Porte Ouverte e Film iwwert d'Jugendhaus lafe gelooss deen am Kader vum 10ten Gebuertsdag vun de Jugendlechen zesummegeschnidde gouf. Mir haten e puer Jonker aus engem Foyer fir Flüchtlingen hei.

- **Sport, Spill a Spaass** ( 9.07.2017)

Am Kader vum Sport, Spill a Spaass, as zesummen mat den jeeweilegen Organisatoren an dem RF Aventure, een Bamkloteratelier organiséiert ginn. D' Aktivitéit hat grousse Succès.

- **Albert Wingert Schoulfest** (12.07.17)

An engem Kreativatelier hunn Kanner aus Naturmaterialien Rumme gebastelt an Toile gemoolt.

- **MTB**

Dëse Projet hunn mir zesummen mat de Jugendhaiser vun Bouneweg, Leideleng, an Gare organiséiert; mat groussen Elan gouf villes virbereet: d 'Praxis war du awer e gutt Stéck méi bescheiden. Just Bouneweg ass mat Jugendlecher op eis reegelméisseg Trainingen komm. Zil war et am Juli eng gemeinsam Traversée de Luxembourg ze maachen; mat der Zäit ass dunn och Bouneweg ofgesprongen wéinst feelend TN; Schlussendlech hunn mir Traversée ofgesot an an den Hierscht verluecht wéinst erhéichtem Donnerwiederrisiko; ëm den Projet huet sech den Joel G. (SVO) an den Jacques bekëmmert.

## Kurzzäitprojeten

- **Film dréinen fir den Zukunftsdiplom**

Zesummen mat den Erzéier aus dem Jugendhaus, hunn déi Jonk ee Film zum Zukunftsdiplom gedréint. Dëse ass fir éischt bei der Table Ronde virgestallt ginn.

- **Animateur B/C/D**

Säit 2 Joer bidde mir eng Aféierung an erliefnispädagogesch Mëttel am Kader vun den Animateur Ausbildungen un: 1 x am Fréijoer an 1x am Hierscht, 1x dréit et sech em Kloteren um Fiels, an déi 2. Kéier steet den Kanu am Fokus. Den Jacques leed duerch den Weekend an aner Mataarbechter hunn dobäi d'Geleeënheet hir Erfarungen am Beräich Erliefnispädagogik opzebauen.

- **Ëmbau vum Boulderraum**

Dëse Projet as an Zesummenaarbecht mat deene Jugendlech organiséiert ginn: Pierre, Joel G, Mika, Joel F, Olli, Mike, Claude. An 170 Aarbechtsstonnen an engem Mount gouf déi ganz Klotermauer sanéiert.

- **Adventure Camp 17** (9.06.17-11.06.17)

***TN: 15 tëschent 12-18 Joer***

**Encadrement**: Sarah, Anne, Janine, Joel G, Joel F., Raph, Aaron, Jacques

***Konzept***

Déi Jonk goufen ugereegt iwwert déi dräi Deeg un hiren Kompetenzen ze schaffen an dem sie méiglechst vill Inhalter op engem sougenannten ADV-CAMP_Pass sammelen. Des Sammlung huet sech elo méi op spezifesch Handlungen oder Aufgaben bezunn wou sie iwwerhuele konnten an den Fokus huet manner op den Kompetenzberäicher selwer geleeën esou wéi et beim Zukunftsdiplom de Fall ass. Ziel dovun war an éischter Stell TN ze motivéieren sech op déi eenzel Phasen vum Projet anzeloossen, och an déi wou net eleng den Spaass am Virgrond stung. Een Punktesystem huet dat Ganzt nach stimuléiert.

***Zil an Inhalt vum ADV-Pass***

1.a.Trekking (1. Dag) *Remeleng* 15km, 10 km
    - Orientatioun op der topographescher Kaart
    - Kompass an GPS benotzen

b.Trekking (2. Dag) *Audun Klammsite* allez/Retour 10km (idem 1)

c.Trekking (3.Dag) *Labyrinth* allez/Retour 10 km

d. Nuechtwanderung
    - Orientatioun an der Natur / Nuets

2. Kloteren um Fiels
    - Aachterknuet léieren
    - Klammen am Toprope
    - Verantwortung iwwerhuelen an en Klammpartner sécheren
3. Feier ufänken an ënnerhalen
    - Mat Fixfeier ufänken
    - Mat Feiersteng ufänken
    - Feierplaz fir d'Kachen ënnerhalen
4. Iessen zoubereeden,
    - Waasser filteren
    - Um Feier kachen
5. Eicht Hëllef an Noutversuergung

6. En Abris bauen an sech eng Schlofplaz ariichten
    - Mat enger Plan
    - Mat Naturmaterialien

7.Landart
    - Zesummen en kleng kreativ Aufgab fannen an verwierklechen

- **Animateur A Ausbildung** (13.02.17-15.02.17 / 11.03.17-12.03.17 / 17.06.17)

***Inhalt***

Formatioun as iwwert zwee Weekender ofgehale ginn an huet hiren Ofschloss am gemeinsame Teamdag fonnt. Ausbildung huet folgend Aktivitéiten a Schwéierpunkten enthale:

*1.Weekend:*

| | |
|---|---|
| -Festival des Cabannes | -Camionette |
| -Wand molen vum JH | -Schwämm+Wanderung |
| -Owesprogramm | -Video |

*Schwéierpunkten:*
Virbereede, Ëmsetzen a Leeden vun enger Aktivitéit; Sécherheet; Technik (Camionnette); Léisungsstragtegien entwéckelen; Materialorganisation; Zäitmagament; Kommunikatioun; Responsabilitéit

*2.Weekend:*

| | |
|---|---|
| -Kachen um Feier | -Plan an Zelt opriichten |
| -Geländespill | -Labyrinth |
| -Wandmolerei | -Video |

*Schwéierpunkten:*
Gesond Iessen; Sécherheetsaspekter bei den verschiddenen Aktivitéiten; Haltung an Kommunikatioun vum Animateur den am Team schafft, Kritik unhuele; Reegelen duerchsetzen

*Teamdag:*

| | |
|---|---|
| -Wanderung | -Wildcooking |
| -Atelier Beweegung | -Atelier Kreativitéit |

*Schwéierpunkten:*
Am Team schaffen, Kommunikatioun

***Reflexioun an Zesummenfaassung***

TN vun der Formatioun hunn vun sech aus behaapt, vill während deenen eenzelen Weekender geléiert ze hunn. Den Aussoe vun den Animateuren no, hunn sie virun allem am Beräich

Organisatioun vill Neies geléiert an hinnen ass och bewosst ginn, dat Leeden vun enger Aktivitéiet just fontionéiert wann een am Team zesumme schafft.
Generell ass festgestallt ginn, dat Sie sech an Zukunft besser ennereneen mussen ofschwätzen. Och musse Sie nach léiren méi léif mateneen ëmmzegoen an de Fokus während enger Aktivitéit méi op TN, ewéi op sech selwer, ze sëtzen. Als Haptursach, datt verschidde Saache net geklappt hunn, gesinn mir eng allgemeng nidreg Motivatioun. Eenzel Persounen waren awer ganz engagéiert an hunn sech probéiert sou gutt wéi méiglech der Grupp unzepassen.
Um Enn vun der Formatioun huet sech erausgestallt wien sech fir VA'17 an aner Aktivéiten besonnesch eegnet.

- **AWD_an Fielskloterprojet** (18.02.17 – 25.02.17 + 2.06.17- 8.06.17)

***❖Provance 18.02.17 – 25.02.17***

***Inhalt***

Iwernuecht hunn mir deels an engem Campingcar, deels am Basislager, waat en Hua duergestallt huet; een TN war iwert den groussen Deel vun der Woch krank, wat mat sech bruecht huet dass en mir d 'Iwwernuechtung ënnert dem Stärenhimmel net gemaach hunn.
Owens ass zesummen gekacht ginn an dat huet och gudd geklappt, 2 haaten nach niewelaanscht fir d 'Schoul ze schaffen an een huet sech fir en SVO am JH interesséiert. Vill aner kleng Hausaarbechten sinn awer just schwéierfälleg gemaach ginn an ëmmer erëm gären op en aneren verschiibt ginn.
Punkto ZD hun ech probéiert punktuell Elementer auszeprobéieren: esou huet z.b. den Mika en Atelier opgebaut fir d 'Ëmbauen bei der Ketten ze üben, an huet den och ganz virbildlech mat vill Gedold mam Joel duerchgefouert; dann hunn dozou eng Reflektioun gemaach am Grupp; en aneren Moment war wéi den Pierre dem Joel schlussendlech d 'Vertrauen ginn huet hien beim Viirklammen ze sécheren, daat selwecht beim Mika vis-à-vis vum Pierre.

***Resumée***

Allgemeng hunn ech festgestallt dass d 'Équipë sech gudd verstanen huet, awer op Grond vun der geréngere Zuel vun TN schwéier positiv Gruppendynamik entstoen konnt; ëmmer erëm kleng Positioun s Kämpf hunn mat sech bruecht, dass d' Potential net voll ausgeschöpft ginn ass. Ech géif dofir d' Minimal TN Zuel vun 3 op 4 oder 5 eropsetzen wëllen, ganz besonneg an Hin sicht zum ZD.
Trotzdem hunn déi eenzel TN ganz gudd un hiren jeeweilegen Zieler geschafft, wéi Autonomie, géigesäiteg Vertrauen, nei Techniken léieren, Verantwortung iwwerhuelen, .....;

***❖Provance 2.06.17- 8.06.17***

***Inhalt***

Iwernuecht gouf jeweils um Camping zu Orpierre an dourno zu Le Pradet

Fielskloteren war déi Haaptaktivitéit während dem Projet; fir den 2 TN waren et déi eicht Schrett an der Disziplin, fir 3 weider TN war et  eng Opfrechung vun den geléierten. Des onhomogen Zesummenstellung huet d'Gruppendynamik ganz positiv beanflosst; et ass sech ëmmer erëm géigensaiteg enkouragéiert an ennstetz ginn, esou dass d'Erwuardungen vun allen TN erfëllt konnten ginn; owens ass zesummen gekacht ginn an jiddereen huet sech dorun aktiv bedeelegt.

***Resumée***

Och des Kéier hunn déi eenzel TN gudd un hiren jeeweilegen Zieler geschafft, wéi Autonomie, géigesäiteg Vertrauen, nei Techniken léieren, Verantwortung iwwerhuelen, .sech hëllefen loossen, anerer ënnerstëtzen, Grenzen spieren an erkennen;...,
Et war geduecht en TN un sengem ZD schaffen ze loossen. Den Gedanken hunn mer awer fréizäiteg falen gelooss, well ëmmer erëm Problemer vun dem TN ausgaangen sinn an doduerch huet den Raum fir déi Aarbecht gefëllt .
Op der aanerer Sait goufen vill Filmsequenzen opgeholl déi an der Folgezait erméiglechen sollen déi Form vun Projet bildlech duerzestellen.

- **Festival des Cabannes** (7.11.17-30.06.17)

Dieses Projekt hat sich zu einer großen Kooperationsarbeit von 65 Jugendlichen entwickelt. In über 10 Monaten arbeiteten die unterschiedlichsten Gruppen an den verschiedenen Etappen. Das Projekt unterteilt sich zunächst in 2 Bereiche, zeitlich begrenzte Unterstände (Cabannen) und dauerhafte Unterstände. Bei den Dauerhaften handelt es sich um einen Wettbewerb für Architekten und bei den temporären Hütten, um einen Wettbewerb für jegliche Gruppen in Luxemburg (Schulen, Vereine, Organisationen, Studenten uvm. Im Folgenden nähere Details zum Ablauf.

***Etappen:***

*1.Einschreibungsfrist: 07. November 2016:*
Bis zu diesem Datum hat sich eine kleine Gruppe von 4 Jugendlichen kurz mit dem Projekt beschäftigt und mit der Ideensammlung begonnen. Schnell wurde bereits eine Idee weiterverfolgt.

*2.Abgabe der Bewerbungsplakate*
Nachdem die Idee eines Kletterturms entstanden war, haben sich bei der Formation Animateur A (Schëfflenger Jugendhaus) 16 weitere Jugendliche mit der Themenbergründung und der abschließenden Ausfertigung von 2 Cabannen befasst.
In der darauffolgenden Projektwoche „Feldberg im Winter“ haben sich 6 weitere Jugendliche um die Modellerstellung der beiden Hütten gekümmert.
Daraufhin wurden die Plakate erstellt und der Jury zugesendet.

*3.Auswahl Jury/ Resultatbekanntgabe*
Beide Projekte wurden gewählt und konnten nun in die Planung und praktische Umsetzung gehen.

*4.Konstruction / -scamp*

In Zusammenarbeit mit dem LNBD konnten die Konstruktionen im Rahmen der dortigen Projektwoche realisiert werden. Zwei Klassen der Schule nahmen in der Woche am Projekt Zukunftsdiplom teil.

*5.Ausstellung „Festival des cabannes“*
In der Zeit vom 15.07.-30.07.17 fand die Ausstellung der ca. 25 Cabannen im Rahmen des Projektes statt. Die Unterstände waren im Quartier Grünewald aufgestellt worden (siehe Anhang).

*6.Transport (Hin-/Abfuhr)*
In Kooperation mit dem Service Jardinage Dudelange, dem LNBD und der Gemeinde Schifflange wurden die beiden Konstruktionen transportiert.

- **Feldberg** (18.02.17-25.02.17)

***Ziele***

- Erlernen verschiedener Hardskills (Snowboard/Bouldern)
- Cabanes 1 und 2 fertigstellen
- Achtsamkeit im Umgang mit sich selbst und materiellen Dingen
- Gesunde Ernährung
- Umgang mit Misserfolg
- Emotionen ausdrücken
- Kooperation
- Empathie
- Interkulturelle Begegnungen
- Risikokompetenz

***Inhalte***

| Datum | Beschreibung |
|---|---|
| Sa. 18.02.17 | - Anreise, Check-In, Einkauf, allgemeine Erklärung über den Ablauf und die Organisation der Woche<br>- Dorferkundung (Wanderung mit Vertrauensspiel (Holzbalken) und kleiner Fitnesschallenge (Spielplatz))<br>- Cabanes<br>- ZD-Erklärung |
| So. 19.02.17 | - Snowboard fahren (Anfänger ohne Skipass, Fortgeschrittene Skipass ab mittags (Vanessa/Mika))<br>- Gemeinsames Abendessen (Mika/Olli)<br>- Gruppenreflexion<br>- Spieleabend Geburtstag Vanessa |
| Mo. 20.02.17 | - 2. Tag Snowboard fahren (Nebel) mit Skipass für alle (Schlepplift)<br>ZD: Vanessa/Mika Mentorebene;Sachkompetenz<br>Olli/Alexa TN-Ebene; Sachkompetenz<br>- Einkauf/gemeinsames Abendessen (Alexa,Mike)<br>- Cabanes 1 und 2 weitergearbeitet (Alexa, Olli,Lucas)<br>Vorbereitung Stadtbesichtigung (Freiburg) und Wanderung mit Präsentation für die gesamte Gruppe (Mika, Mike, Vanessa) |

| | |
|---|---|
| | ➔ Konsequenz Olli und Luca (Wanderung mit Janine)<br>- Gruppenreflexion beim Abendessen<br>- Reflexion ZD (Alexa, Mika, Olli, Vanessa) |
| Di. 21.02.17 | - Stadtbesichtigung Freiburg<br>- Bouldern Blockhaus Freiburg (Vanessa-Kopfschmerzen…)<br>- Einkauf/gemeinsames Abendessen (Vanessa, Lucas) (Vanessa-Kopfschmerzen…) -> ganze Gruppe hat bei der Vorbereitung zum Abendessen mitgeholfen um Vanessa zu ersetzen<br>- Cabanes weitergearbeitet<br>- Gruppenreflexion<br>- Spieleabend |
| Mi. 22.02.17 | - Wanderung (Titisee) (Verspätung; schlechte Laune in der gesamten Gruppe)<br>- Freizeit (Titisee)<br>- Putzen, räumen<br>- Schwimmbad (Dittishausen)<br>- Einkauf/ gemeinsames Abendessen (Mika/Olli)<br>- Cabanes<br>- Filmabend (that s what I am) mit kuerzer Reflexion darüber (Thema-Mobbing und wie gehe ich damit um…) |
| Do. 23.02.17 | - 3. Tag Snowboard fahren mit Skipass (Schlepplift- starker Wind) ZD: Alexa, Vanessa, Mika, Olli<br>- Schneeballschlacht (Vorfall Olli, Lucas)<br>- Einkauf/ gemeinsames Abendessen (Alexa/Mike)<br>- Gruppenreflexion<br>- ZD- Reflexion (Vanessa, Mika, Olli, Alexa)<br>- Spieleabend<br>- Filmabend (Soulsurfer) |
| Fr. 24.02.17 | - Erlebnisbad Titisee<br>- Einkauf/ gemeinsames Essen (Vanessa/Lucas)<br>- Putzen/ räumen/ Koffer packen<br>- Abschlussreflexion<br>- ZD- Reflexion<br>- Spieleabend<br>- Foto/Film Show der Woche |
| Sa. 25.02.17 | - Putzen<br>- Abreise |

***Zusammenfassung und Reflexionen***

Die gesamte Woche war sehr anstrengend. Die Gruppe ist sehr heterogen, was in diesem Fall viele Probleme mit sich bringt. Sachkompetenz (Snowboard/Bouldern) hat jeder gut gelernt, jeder kann die Kurven auf beiden Kanten machen, Schlepplift fahren und die beiden Cabanes sind fertiggestellt. Es gab viele Diskussionen und nur selten war die Gruppe eine Ressource bei Problemlösungen.

- **Projektwoche LNBD/JHS – Bau der Cabannen, Umsetzung ZD** (8.05.17-12.05.17)

***Inhalt:***

In Verbindung mit dem Projekt "Festival des cabannes" wurden 4 verschiedene Projektbereiche unter dem Thema Respekt angeboten. Zusätzlich wurden 8 Bäume auf dem Gelände der Schule gepflanzt. Die Projekte und Indikatoren des Zukunftsdiplom wurden wie folgt strukturiert:

| Projekte | Zukunftsdiplom Indikatoren |
|---|---|

<table>
<tr><td>1. Doku<br>- Materialsammlung (Foto und Video)<br>- Texte verfassen (ZD, Präsentation, Dokumappe erstellen)<br>- Film schneiden und fertigstellen</td><td rowspan="5">SACHKOMPETENZ<br>Erlernen verschiedener Hardskills<br>a. Die Technik verstehen<br>b. Die Technik ausprobieren<br>c. Die Technik richtig anwenden<br><br>SELBSTKOMPETENZ<br>Achtsamkeit im Umgang mit sich selbst und materiellen Dingen<br>a. Respektvoller Umgang mit anvertrauten Gebrauchsgegenständen<br>(achten; verantwortungsvoll nutzen, pflegen)<br><br>Umgang mit Misserfolgen<br>g. Konstruktive Alternativen suchen, planen, ausprobieren</td></tr>
<tr><td>2. Deierenstatioun/Tierstation<br>-Besuch der Statioun<br>-2 Kisten bauen und ein Modell<br>- Quizz und Gewinn für Tag der offenen Tür</td></tr>
<tr><td>3. Cabanes (Hand)<br>-Unterkonstruktion bauen (Metall, Draht)<br>-Pappmache umwickeln<br>-Farbig/kreativ gestalten</td></tr>
<tr><td>4. Cabanes (Kletterturm)<br>-Bau der Konstruktion (Holz)<br>-Kreative Gestaltung (Innenausbau, Garten, Kletterwand)</td></tr>
<tr><td>Bäume pflanzen (Zusatzaufgabe)<br>- 6 Apfelbäume und 2 Nussbäume pflanzen<br>- Löcher planen, ausgraben, bepflanzen</td></tr>
</table>

***Zusammenfassung und Reflexion***

Allgemein kann man sagen, dass das Projekt gut verlaufen ist trotz der vielen Schwierigkeiten, die sich erst im Verlauf des Projektes gezeigt haben. Es gab personellen Mangel, sodass die Gruppen nicht permanent betreut werden konnten. Die wichtigen Beobachtungen und Reflexionen fürs Zukunftsdiplom konnten nicht stattfinden wie geplant. Dies hatte aber auch den positiven Nebeneffekt, dass die Schüler mehr gefordert wurden bei der Selbstorganisation der jeweiligen Gruppen.

Die Koordination und Zusammenarbeit der Betreuer müssten beim nächsten Mal besser abgeklärt werden beziehungsweise Absprachen sollten eingehalten werden. Die Arbeit im formalen und im non-formalen Bildungsbereich ist sehr unterschiedlich. Die Schüler sollten die Möglichkeit bekommen Schwierigkeiten selbst zu meistern und Lösungen gemeinsam erarbeiten/ finden. Dies war aber nicht immer der Fall, z.B. beim Bau der Kletterstruktur wurde die Lösung meist immer vom Schreiner gegeben, auch auf Grund der Tatsache, dass nur der Schreiner die großen Maschinen benutzen durfte. In den anderen Gruppen lief das besser ab. Des Weiteren ist aufgefallen, dass eine Projektwoche, die innerhalb der Schule stattfindet und von Lehrer mitorganisiert wird, nicht unbedingt im Sinne der Projektarbeit ist. Viele Schüler zeigten ein anderes Verhalten wenn Lehrer im Raum waren und wenn nicht.

Die Reflexionen zum ZD in dreier Gruppe in der Schule durchgeführt, so dass das Projekt trotz allem gut abgeschlossen werden konnte. Auch seitens der Schüler gab es positives Feedback bezüglich des ZD. Die Schüler sind alle begeistert über die Erfahrungen, die sie sammeln konnten in der Woche, auch im Bereich des ZD. Auch seitens der Lehrer war die Begeisterung

da, um auf diesem Wege weiter zusammen zu arbeiten. Dies ist auch für die JA in Ordnung, wenn die Verbesserungsvorschläge eingehalten werden.

- **Solar Greenpeace** (26-30 September)

Dëse Projet, deen als Zil eng solarbedriwwe Bewässerungsanlag fir eist Hochbeet hat, ass an Zesummenaarbecht mat Greenpeace a mam Service de l'Urbanisme et du Développement durable duerchgefouert ginn. Am Virfeld dozou huet ganz Team vum Jugendhaus un enger kuerzer Solarformation deelgeholl déi dunn och nach eng 2ten Kéier am Jugendhaus selwer ugebuede gouf an un där Intresséierter konnten deelhuelen.
De Projet selwer ass vum 26.09 bis den 30.09 geplangt gewiergt, woubäi mer am viraus gekläert hate weien Deel déi Jugendlech kéinten iwwerhuelen an wat vun den Bauaarbechten an Elektriker muss iwwerholl ginn.
Des Zesummenaarbecht huet sech als schwiereg erwise well net all Partner sech ëmmer un de Programm gehalen huet. Krankheetsbedéngten Ausfäll, souwuel bei eisen Partner wéi och bei eise Jugendlechen Participanten hunn dat Ganzt och net méi einfach gemaach.Schlussendlech ware mer um Enn vun der Woch nach net ganz duerch mam Projet, mee de Aarbechte ass gemaach esou dat elo déi nächst Deeg nach d'Bewässerungsanlag kann vun den Jugendlechen installéiert ginn, éiert den Elektriker dann nach enkéier geruff gëtt fir dat ganzt un d'Solaranlag unzeschléissen.

## Daueraktivitéiten / Langzäitprojeten

- **Aktivitéiten am Accueil**

Am Begréissungsraum steet deene Jugendlechen een Billardsdësch, zwee Kicker, Dëschtennis an Dart zu Verfügung. Ausserdeem stinn divers Gesellschaftsspiller bereet. Et gëtt och een Fernseh an een Computer, déi awer éischter seelen genotzt ginn. Am Eck vun den Fotellen fënnt een Flyer/Broschüren iwwert wichteg Themen (Aarbecht,Kultur, Service...).

- **Museksgrupp**

Et gëtt eng Museksgrupp déi regelméisseg an Jugendhaus spillen/übe kënnt. Si hate schon eng Rei Concerten, ënnert anerem haten eis Museker d' Chance bei der Diplomiwwerreechung (Formatioun/Animateur) vum SNJ ze spillen (2016) an am September 2017 spille si beim "On Steitch". Zesumme mat hinne sinn mer och dobäi, fir den Label Proufsall ze kréien.

- **Sport an der Hal a Kachen am Jugendhaus**

All Freiden ginn mir an Hal fir Sport ze maache. Uschléissend ginn interesséiert Jugendlecher akafe an preparéieren zesumme Owesiesse am Jugendhaus.

- **Aquarium**

Den Aquarium gouf zesummen mat deene Jugendlechen opgebaut. Fleeg vum Waasser an de Fësch fënnt regelméisseg statt. Eenzel Jugendlecher hëllefen gäre beim Ënnerhale vum Aquarium.

- **Hochbeet/Urban gardening**

,,**Urbaner Gartenbau**, auch **Urban Gardening**, ist die meist kleinräumige, gärtnerische Nutzung städtischer Flächen innerhalb von Siedlungsgebieten oder in deren direktem Umfeld. Die nachhaltige Bewirtschaftung der gärtnerischen Kulturen, die umweltschonende Produktion und ein bewusster Konsum der landwirtschaftlichen Erzeugnisse stehen global im Vordergrund. Städtischer Gartenbau ist eine Sonderform des Gartenbaus.''

Dëse Projet gëtt säit dem Fréijoer 2015 erfollegräich duerchgefouert. Zilgrupp déi duerch dëse Projet erreecht gëtt, sinn déi Jonk aus dem Jugendhaus. Doduerch soll hinnen een Zougang zu Natur erméiglecht ginn an déi Jugendlech solle léiere Verantwortung fir Planzen ze iwwerhuelen.

Gläichzäiteg steet den Projet am Lien mam Zukunftsdiplom. Hei kann un folgend Kompetenzen geschafft ginn:

- Ressourcenorientierung
    a. Pflanzen wachsen lassen
    b. Mit Erde arbeiten
- Aufforderungscharakter (Ernst)
    c. Der Jugendliche muss sich um einen längeren Zeitraum um das Beet kümmern
- Partizipation
    d. Mit dem Jugendlichen zusammen werden die Pflanzen ausgesucht
    e. Erfolg durch Ernte
- Mehrdimensionalität
    f. Handwerkliche Arbeiten
    g. Gruppearbeit bei mehreren Teilnehmern
- Forderung ( Psychomotorik, Wahrnehmung, Kreativität)
    h. Ganzheitliches Lernen mit allen Sinnen
        i. Fühlen
        ii. Schmecken
        iii. Sehen

Weiderhin soll de Projet Hochbeet am September duerch den Projet Solar erweidert ginn. Hei soll an Zesummenaarbecht mat deene Jugendlechen eng solarbedriwwen Bewässerungsanlag gebaut ginn. Ziel vum Solarprojet ass op Problematik vun der Ressource Waasser an Energie opmierksam ze maache an déi Jonk dofir ze sensibiliséieren.

- **Boulder_Projet**

Vun November bis Abrëll hunn dräi bis véier Weekender stattfonnt; tëschenduerch ass am Jugendhaus, zu Diddeleng an zu Tréier geübt ginn.

- **Outreach**

,,Dans le cadre d'un projet pilote de 2 ans, l'objectif du projet consiste à identifier, à rendre visible et à activer les jeunes (16-26 ans) inactifs en matière de formation et d'emploi à créer un changement de leur situation par la méthode du outreach youth work au niveau communal dans des régions différentes du Luxembourg. Il s'agit de jeunes inactifs qui ont décroché de l'école, d'une formation ou d'une mesure et qui ne sont pas aptes à trouver seuls l'entrée dans une transition réussie vers le marché de l'emploi. Le concept de l'activation du jeune (empowerment) consiste à établir une relation de confiance avec le jeune et puis de l'informer, sensibiliser et encourager pour un changement de sa situation. Le changement vise la fin de la période d'inactivation et le début d'une période d'orientation ou de transition vers l'insertion dans le marché de l'emploi. Cette période de transition est définie et développée ensemble avec l'éducateur. La transition est limitée jusqu'au moment de prise en charge par un autre service (ALJ, SNJ, ADEM ou autre service). L'éducateur reste disponible comme personne de confiance par la suite et est en contact avec les services référents sans pour autant s'impliquer dans leurs démarches de travail avec le jeune.'' (Education et formation, 2016)

Dëser interessanter Initiative ass eis Gemeng am Juli 2016 bäigetrueden; den Pitt Elvinger huet eis während den éischten Méint regelméisseg am Jugendhaus besicht. Vun Januar bis Abrëll hunn mer och 2 Stagiären vun him hei am JH betreit; et war en éischte Versuch Zesummenaarbecht ze konkretiséieren. Enn Juni huet den Jacques de Pitt op eng Rei Pisten bruecht, fir eng konstruktiv Zesummenaarbecht laangfristeg ze etabléieren:

1. Echange vun Informatiounen
2. Reegelméissegen perséinlechen Austausch
3. Stagen mam ZD verbannen
4. Iwwert dëse Wee den Stagiairen d'Méiglechkeet ginn och an Entreprisen eranzekommen

- **Zukunftsdiplom**

Mëttlerweil ass et net méi sou einfach fir an d'Beruffsliewen eranzekommen. Beim Zukunfstdiplom kann een un senge Liewenskompetenzen schaffen. Dat si Fäegkeeten déi beim gudden Ëmgang mat Mënschen hëllefen a wéi een mat Problemer an Stresssituatiounen ëmgeet.
Den Zukunfstdiplom as eng Zertifizéierung vun de Kompetenzen, déi während eenzelen Phasen vun den Projet'en geléiert goufen. Op der enger Säit ginn nei Techniken geléiert, op der anerer Säit gëtt op d'Verbesserung vu sougenannten sozialen Kompetenzen gekuckt. Dëst as e fräiwëllegt Angebot fir Jugendlecher vun 12 bis 30 Joer. Bei dëse Projet'en gëtt eng aktiv Bedeelegung an Matgestalten gefrot. (challenge by choice). Mir maachen eis Gedanken iwwert d'Verhältnis vum Mënsch an der Natur, setzen eis mat eiser Weltusiicht auserneen an erweideren doduerch eisen Horizont. Den Diplom erméiglecht bei enger Bewerbung fir eng Aarbecht, säi perséinlecht Profil ze verbesseren. Fir ëmmer méi

Patronen ass et wichteg ze wëssen, wat den eenzelen Kandidat niewent senger Schoul nach gemaach huet. Duerch den ZD kritt een eng Unerkennung vun sengem Engagement an vun der Weiderentwécklung vun senger Perséinlechkeet. Wann een bereet as un sengen Kompetenzen ze schaffen an och bereet as fir Reflexiounsgespréicher dann as den ZD genau dat richtegt.
Fir den Zukunftsdiplom kann een sech mat Hëllef vun engem Formulaire umelle.
Den Zukunfstdiplom huet dräi Level's vun jee fënnef Projet'en. Beim éischten Level hellt een un deenen Projet'en deel déi een sech selwer erausgesicht huet. Beim zweeten Level ënnerstëtzt een e Kolleg mat manner Erfarung an beim drëtte Level iwwerhëlt een d'Verantwortung fir een Jonken mat besonneschen Bedierfnisser. All Projet gëtt vun jeeweils zwee Jugendaarbechter begleet. Waerend deenen dräi Level's gëtt un verschidde Kompetenzen geschafft. Wann mir zum Beispill mam Kanu fueren, dann léiert een niewen der Technik och eng ganz Partie sozial Kompetenzen, besonnesch am Beräich vun der Rolleverdeelung an der Kommunikatioun: fir e Kanu sécher duerch e Floss ze manövréieren brauch een d'Anhalen vun de Rollen an awer och eng ganz gelongen Kommunikatioun, anerefalls muss du méi wéi enkéier dech an deng Saachen aus dem Waasser fëschen.
Die verschidden Projet'en ginn dokumentéiert an esou kennt een zu sengem Zukunfstdiplom

- **SVO**

Den Service Volontaire heescht:
Sech fräiwëlleg engagéieren an en eegene Projet ëmsetzen, seng Kompetenzen a seng Zäit enger Organisatioun zur Verfügung stellen, sech nei Kompetenzen uneegenen, sech senge Kompetenze bewosst ginn a se verstäerken, sech selwer an engem Beräich «testen» seng Chancen um Aarbechtsmaart verbesseren.
Verschidden Beräicher stinn zu Verfügung fir sech ze engagéiren:
Natur, Ëmwelt, Mënsche mat Behënnerung, Konscht, Radio, Kanner, Jugendinfo, Sport, Déiereschutz, Drëtt Welt, Patrimoine historique, Obdachloser, Senioren, Kultur, Jugendzenter, Tourismus, Fairtrade, humanitär Aktiounen, Mënscherechter, Fraerechter, Déierefleeg, Geschicht, Muséeën, Gedenkstätten, Bibliothéiken, Sozial Epicerien, ...
Dobäi musse folgend Konditioune erfëllt ginn:

-zu Lëtzebuerg wunnen (certificat de résidence)
-tëscht 16 an 30 Joer al sinn
-eng fräiwëlleg Vollzäitaktivitéit (30 – 35 Stonnen an der Woch) ausüben
-sech fir eng fräiwëlleg Laangzäitaktivitéit (3 – 12 Méint) engagéieren – ouni Ënnnerbriechung!
-sech iwwert d'Fiche-d'inscription beim SNJ umellen

Den *Service Volontaire D'Orientation* erméiglecht et jonken Mënschen, déi a Lëtzebuerg wunnen eng beräichert Erfarung an enger lëtzebuergeschen Opnamstatioun ze maachen. Den Schwéierpunkt läit dobäi op der Entwécklung vu praktesche Kompetenzen sou wéi eng perséinlech Berodung bis hin zu enger Beschäftegung oder souguer enger qualifizéierter Ausbildung.

An Zesummenaarbecht mam SNJ bitt Jugendhaus Schëffleng mat vill Freed a Motivatioun dësen Service jonke Interesséierten un.

- **SVCi**

Mir hunn dëst Joer probéiert den Agreement vum SVCi unzefroen. No vill Arabescht a laanger Zäit krute mir d' Info dat de Service elo ännert. An Zukunft gëtt den SVO an den SVCi ofgeschaaft an zesummegesat als SVN. Esou datt all Servicer dat an Zukunft upasse mussen.

## Vakanzenaktivitéiten 2017

All Summer ginn vun der Gemeng Schëffleng flott Aktivitéiten fir Jugend organiséiert:

| | | |
|---|---|---|
| **Adventure Days** (12.07.17-16.07.17) | **Konscht an Ekologie: Musek** (04.08.17+05.08.17) | **Visite am Reitstall** (05.09.17) |
| **Blankenberge** (20.07.17-23.07.17) | **Escape-Room** (08.08.17) | **Geocaching** (06.09.17) |
| **Poi** (25.07.17) | **DIY Kosmeltik** (09.08.17) | **Volleyball** (07.09.17) |
| **Stand-up-Padling** (26.07.17) | **Aquamagis** (11.08.17) | **MTB-Tour** (17.09.17) |
| **Peinture** (27.07.17) | **Amsterdam** (14.08.17-16.08.17) | **Kache fir d'Ofschlossfeier** (22.09.17) |
| **Europapark** (01.08.17) | **Kloterpark** (17.08.17) | **Ofschlossfeirer** (22.09.17) |
| **Konscht an Ekologie:Graffiti** (02.08.17+03.08.17) | **Fëschen** (09.08.17) | |

Ënnerstëtzung beim Encadrement kritt Gemeng all Joers vun den Animateuren an den Jugendhaiser aus der noer Géigend.
Erzéier vum Schëfflenger Jugendhaus hunn folgend Projeten duerchgefouert: Adventure Days, Blankenberge, Poi, Amsterdam, Kloterpark, Visite am Reitstall, MTB-Tour an Ofschlossfeier.
Ewéi esou eng Aktivitéit kann oflafen, soll um Beispill vun Blankenberge gewisen ginn;

- **Blankenberge** (20.07.17-23.07.17)

***Inhalt***

Mamm Zuch ass et vun Lëtzebuerg aus op Blankenberge gang. Iwwernuecht hunn mir um Camping. Folgend Aktivitéiten goufen ennerholl:
Zelter opbauen, Liewensmëttel akaafe, Kachen um Camping, Kaffi/Mëttesiesse/Owesiesse um Camping, Stadt Blankenberge besiche, Plage, Volleyball, Spadséiren, Schwämm, Minigolf, Muschele sammelen, Restaurent, Zelter ofbauen

***Reflexioun an Zesummefaassung:***

Aktivitéiten goufen relativ spontan no dem Interêt vun den TN an dem Wierder decidéiert. Dobäi as unzemierken, datt TN sech ëmmer relativ séier eeneg waren wat Sie wollten maache an keen gemeckert huet. Wat erleedegen vun klengen Haushaltsaufgaben ugeet waren et oft déi selwecht TN déi sech fräiwëlleg gemellt hun, wouduerch et heiansdo kleng Diskussiounen goufen.
Generell hunn sie sech awer ganz gutt mateneen verstane an et war een harmoneschen Grupp.
Bei den Animatricen ass besonnesch Michelle positiv opgefall. Hat huet während der ganzer Zäit gefrot wat et kann hëllefen an huet och eegestänneg gehandelt. D' Alisssia huet een ëmmer rem misse drop opmierksam maache wou et sech kann mat erbréngen.
Iwwernuechten um Camping huet gutt geklappt a géif och generell de Camping enger JH/Hotel virzéien. Och Rees mam Zuch ass ouni Problemer ofgelaf.

## Zukünfteg Projeten

Hei geet et drëms den Hochbeetprojet ze erweideren. Et soll mat Hëllef vun deene Jugendlechen eng solarberdriwwen Bewässerungsanlag gebaut ginn. De Projet fënnt an Zesummenaarbecht mat verschidde Partner statt (Gemeng, Entreprisen, Greenpeace).

- **Kanu Projet** (14-15 Oktober)

Hei gëtt eng Rees mam Kanu duerch en Naturraum geplangt an duerchgefouert. Et bidden sech och Méiglechkeeten um Zukunftsdiplom ze schaffen.

- **Animateur EP Fielskloteren** (21-22 Oktober)

Hei fënnt eng Aféierung an d'erliefnispädagogesch Aarbecht zum Thema Fielskloteren statt.

- **Fielskloterprojet** (29 Oktober- 3 November)

Mir fueren an de Süden, wou mir un eiser Klotertechnik schaffen. Gläichzäiteg kënnen mir un de Kompetenzen vum Zukunftsdiplom schaffen.

- **Boulderen Fontainebleau** (10-12 November)

Mir ginn een Weekend op Fontainebleau boulderen.


- **Adventure Camp** ( 25- 26 November)

Am noen Naturraum ginn Techniken am Beräich Liewen an der Natur (survival) vermëttelt. Hei kann och um Zukunftsdiplom geschafft ginn.

# 4. Unhang

## Memberen


| **Total** | | **32** |
|---|---|---|
| Sexe | Masculin | 26 |
| | Feminin | 5 |
| Origine des jeunes | Schifflange | 26 |
| | Commune avoisinante | 3 |
| | autre | 3 |





## Visiteuren

| **Mois** | **Masc.** | **Fém.** |
|---|---|---|
| Janvier | 445 | 50 |
| Février | 338 | 20 |
| Mars | 448 | 39 |
| Avril | 255 | 25 |
| Mai | 212 | 13 |


| | | |
|---|---|---|
| Juin | 158 | 19 |
| Juillet | 127 | 18 |
| Août | 58 | 17 |
| Septembre | 195 | 40 |
| Octobre | 0 | 0 |
| Novembre | 0 | 0 |
| Décembre | 0 | 0 |
| | | |
| Total par sexe | 2236 | 241 |
| **Total** | | **2477** |




## Aktivitéiten



Nombre d'activités par champ d'activité principal
7 Transition
6 Umwelt, Naturwissenschaften, Technik
5 Körperbewusstsein, Bewegung, Gesundheit
4 Kreativität, Kunst, Kultur
3 Sprache, Kommunikation, Medien
2 Wertorientierung, Demokratie, Partizipation
1 Emotionen, Soziale Beziehungen
0
25
82
59
4
28
19
0 10 20 30 40 50 60 70 80 90

Nombre de participants par champ d'activité principal
7 Transition
6 Umwelt, Naturwissenschaften, Technik
5 Körperbewusstsein, Bewegung, Gesundheit
4 Kreativität, Kunst, Kultur
3 Sprache, Kommunikation, Medien
2 Wertorientierung, Demokratie, Partizipation
1 Emotionen, Soziale Beziehungen
0
48
3o
64
277
44
155
10
14
8
97
38
111
Feminin
Masculin
0 100 200 300